# M A M M ! E T S C H E L L T !

e Stéck vum

M ' R E I E L E X .

Persounen :

| | |
|---|---|
| D'Mamm , D' Madamm Ketty Zillebam | (ugaangs drësseg) |
| De Papp , Den Här Zillebam . Den Tommy | (ugaangs drësseg) |
| De Jong , Den ~~Hary~~ Misch | ( 17 Jor al) |
| D'Duechter, D'~~Märy~~ Julie | ( 16 Jor al) |
| D'Schwéiermamm , D'Sisi Zillebam | ( ugaangs zeg) |
| De Biérentommes - / an de groussen Teddybiér) | ( ugaangs véierzeg) (e grousse Kannerteddy) |

* * * * * * * * * * * * *

1 . DEEL - 1. AKT.

1. Zeen A ( Eng grouss Stuff,rechts e klengen Salon mat Canapé an zwou Fotellen,e klengen Dësch
Lénks en Dësch mat e puer Still , am Fong eng Dir ,bei d der Dir e klenge Schaf, riets eng Dir fir an d'Schlofkummeren. D'Gemaach kann allerhand miwweléiert gin)

't As keen op der Bühn . 't Héiert een e Mënsch erakommen ,'t dauert e Moment. D ' Dir am Fong geet lues op D'Mamm kënnt eran, mat vill Gepäks si war Kommissioune maachen)

Mamm - (setzt d'Gepäcks nidder)

- O ,mei wat as een dach geheit mat dee Kommissiounen...
Ëmmer an d'grouss Buttécker lafen mécht mech esou midd...
tjé ,'t as besser ech lafen an d'Buttécker wéi d'Buttécker a méch ...

Eng grouss Famill dat ësst eppes ,gëf uecht,dat as ëmmer um Dësch ,bal deen een bal deen aner.

Mä dat as näischt , ech soen ëmmer, besser eng grouss Famill déi vill ësst wéi eng kleng Famill déi näischt ësst.

(deet sech aus an zitt e Schiirteg un)

An elo ales eweg getässelt an dann gebotzt...

Ech hun awer en Haus ... alles läit ëmmer duerechter ...
näischt kënnt op séng Plaz ... Dat as emol e Misär mat deene Leit ... Den Alen as nët besser wéi déi Jong ...

(As beschäftegt mat alles eweg ze tässelen)
geet aus Stuff an d'Kichen - kënnt erëm eran , a.s.w.

Sou as alles op der Plaz ... Méng Saachen sin ëmmer op der Plaz... An elo ugefaang mam Botzen...

(hëllt Biischt,Emer ,Torchong,Stëbsmaschin ... deet en Nuesschnappeg op de Kapp)

Der wäert gesin ... elo botzen ech hei an esoubal fäerdeg da komme si all een nom aner alles ërem knaschteg maachen.

( hëllt den Stëbs d'éischt - e rennt iwerall)
( fläisst sech ... )

Ouf ! elo nach um Buedem ... 'T as awer flott dass de Stëbs vun uewen no ënner fällt ,wat gëif dat gin wann's de mat der Stëbsmaschin um Plafong misst fueren... mer si jo keng Mécken ! (botzt elo mat der Stëbsmaschin)

(daeert eng kleng Zäit ,hällt heiansdo op a lauschtert no der Schell ,héiert näischt a fiért virun ,dëst Spill e puer mol)

Ech méngen 't huet ee geschellt ! (geet kucken)
.... (fiért viru mat botzen )

Dës Kéier huet awer ee geschellt.

( geet op d'viischt kuchen ... kënnt erëm eran an hëllt d'Stëbsmaschin erëm an d'Hänn ,schallt s' awer nët un )

't As d'Schwéiermamm ... dat huet nach gefeelt !
Wat eng Katastrof ... Hat ech nach nët Aarbecht genug.

( D' Ketty . Sisi )

2. Z. (D'Schwéiermamm kënnt eran droleg ugedoen mat eng Hutt op, allerhand geschminkt ,eng Persoun ugaangs sechzeg mais nach ganz alerte a schwéier ze befriddegen,huet och ëmmer ze knadderen. )

D'Sisi Zillebam .

Moie ,Ketty , tjëss du hues nët vill Zäit ,firwat leefs du dann esou fort esoubal d'Dir op ? Hues de Feier am ... Schouss ?

D'Ketty.

Jëmme neen ! Ech hu nach ze botzen , an der wësst jo ,da sin ech nët gär gestéiert .

D'Sisi.

Hues du nach nët gebotzt ! Wéi as dat méiglech ? Du muss awer vill Zäit hun ! Dat geet der nët vun Hand !

Ketty (fir sech)

Wann's de elo ufäängs da geet geschënn eppes mer vun Hand !

(dem Sisi)

Ma Ech hun e grousst Haus a wann ech botzen da maachen ech dat gär am Geschék ... an dann hun ech nët gär een an de Féiss trël-len.

SiSi (erchreckt ,hëllt dat schlecht af)

Elo geet et duer ... wann dat fir méch gesot as da gin ech erëm. Ech wëll dech nët hënneren an nët stéieren... du brauchs et nëmmen ze soen da gin ech erëm zur Dir aus.

(fir sech ) Wat sin dat fir Manéieren ... Wéi gët een hei ëmfaang !

Ketty (probéiert erëm alles an d'Rei ze kréien)

Ma dat as jo nët esou geduecht ... Mamm ! Dit Iech dach nëmmen aus ... Ech botze mech elo huerteg fäedeg ... Ech wëll soen der botzt Iech an ech sëtze mech ... Neen,ëm gekéiert ech botze alles fäerdeg an der setzt Iech .

Sisi

Jo,ech hat dech gutt verstan ... du mengs awer nach ëmmer ech wäer nach gutt fir näischt ... ech sin nach keen alt Eisen!

Ketty

Ech hun dat och nach nët a nach ni gesot .

Sisi

Du hues et awer schon dacks geduecht .

Ketty

Och nach ni geduecht (fir sech ) Awer elo dénken ech et !

Sisi

Kann ech der nët hëllefen?... Wat hues de nach ze din?
Soll ech der d'Grompere schiélen? Du hues d'Nuetsiesse och nach nët fäerdeg,sécher? An den Touni,as en nach nët eran?
An d'Kanner ?

Ketty

Neen 't as nach keen eran . An ech hun d'Gromperen och nach nët geschiélt ... wëll ech wollt dat maachen nom botzen.
(d'Sisi geet rechs zur Dir fir aus ze goen )

Sisi

Ech gin an d'Kichen a maachen Iech d'Nuetsiessen fäerdeg
Esou verdéngen ech méng aremséileg Kuuscht och alt .
(geet aus rechs)

Ketty (fir sech ) (ganz duerrueter ,an engem Eifer)

Hut der dat alt verkleet Moschterglas do gesin ?
Wéi as se nammël bemookelt ! Du mengs jo se ging an en Zirk. En Elefant géif an d'Box maachen vu Schan ... Déi al Zats ... Dat as allkéier dat selwecht wa se kënnt . Emmer huet se ze méckeren an ze knadderen. Alles wees se besser ... näischt as hir gutt genug ...alles ka si maachen ....(geet zur Dir rechts mécht s'op a jäitzt dem Sisi) Dit awer de Brëll op fir ze schiélen ...soss bekucken d'Gromperen eis duerno am Teller . (mécht d'Dir erëm zou) Ouni Brëll mécht se Schiéle wéi wa se mat der Aacks dra ging haen an en A kritt se ni eraus ...
Se seet ëmmer :"Besser eng Gromper mat Aen am Teller wéi en Teller Aen mat Gromperen"... an:"d'Gromperen Aen din nët esou wéi wéi d'Kréienaen". Dat as emol eng ongehiwwelt Wibbelgei ...
(hëllt erëm d'Stëbsmaschin a botzt virun)
....
(d'Dir rechs geet op,d'Sisi kënnt eran ,d'Ketty dréit er de Réck,d'Sisi geet zur Stëbsmaschin an dréckt op de Knapp fir se opzehalen) d'Ketty dréit sech ëm a kuckt verwonnert)

Sisi

Héierts de dann nët ? 't Huet geschellt ! Et schellt een un der Dir.

Ketty (geet zur Dir am Fong ,deet d'Schiirteg erëm aus,deet e prop pert un a geet an de Gang d'Dir opmaachen,)

Sisi ( geet zur Dir rechs aus)
Wat Manéieren huet dat Méinsch...E proppert Schiirteg deet et u fir d'viischt Dir opmaachen ze goen.(verschwënt rechs)

Ketty (kënnt eran am Fong,deet d'Schiirteg aus an dat éischt erëm un)
Elo as den Touni schon do (hëllt erëm d'Stëbsmaschin)

* * * * * * * * * * * *

3 Z *
Ketty,den Touni,säi Mann.

(Den Touni,am Schaffgezei,kënnt am Fong eran zur Dir et as en zéimleche Luesen) e laatschechen

Touni Moie,Ketty, (geet dem Ketty eng Bees gin)
Gët gebotzt mäin Engel ? (d'Ketty schafft virun,den Touni deet d'Veste aus a leet se op e Stull,hängt säi Sak op en aner Stull,deet seng déck Schong aus a stécht se ënner eng Fotell)

Ketty (schallt d'Stëbsmaschin aus)
D'Madamm Zillebam as an der Kichen

Touni (lues. wéi ~~am~~ Dram -)
Wéen as an der Kichen,méng Däifchen ?

Ketty
D'Madamm Sisi Zillebam

Touni
D'Sisi Zillebam ? ...Wién as dat ?

Ketty
Ma !.. Déng Mamm !... Méng Schwéiermamm ! (fir sech: Du Plattféissegen Eisbuschong!)

Touni
Ou ... A Sou ! A wat mécht si dann an der Kichen.

Ketty
Wat mécht si an der Kichen ! . Ma ...
Si schiélt d'Gromperen ...

Touni
Si schiélt d'Gromperen... firwat ?

Ketty
Firwat ? Firwat ? ...
fir d'Nuetszopp . (fir sech! Du ~~bas~~ de ee richtigen informéierten Dreckémer.)

Touni
A sou ... Du solls méng Mamm awer nët esou schaffen din!
Si as elo véieraséchzeg Jor al déi Fra.

Ketty

Esou hun ech se nët ëmmer an de Féiss ~~fir ze~~ wann ech botzen.

Touni

Si hätt sech jo gutt kënnen duer sëtzen a nokucken.

Ketty

A mer ëmmer alles un d'Nues ~~ze~~ hänke wat nët geet.
Ech gesin déng Mamm léiwer an der Kiche wéi hei bei mer an der
Fotell mer nozekucken .

Touni

Nawell ,Ketty ,déi arem Fra !

Ketty

Du wees jo ...ech leide keen an de Féiss wann ech botzen,
an ech soll der soen dat elei :" 't As vill besser méng
Schwéiermamm an der Kiche wéi eng schéier Kichen an denger
Mamm.

Touni (rësellt de Kapp)

O... Ketty ;méng Däifchen , wat ent bas du !

Ketty

Du hues méch jo esou wollt . (fir sech!): Dräibitz - - gepräfften Äffalt -

Touni

Ma jo ,grad...ech hun dech och esou geholl.
Elo gin ech awer ménger Mamm Moie soen .
(geet zur Dir rechs , an deem Abléck kënnt d'Sisi grad eran )

******************

4 Z. (Ketty ,Touni,Sisi)

Sisi Moien,Touni,mäi Jong,mäi beschte ...(gët em eng Bees)

Touni

Moie,Mamm,ech si frou dech ze gesin .

Sisi

Jiddereen seet nët ëmmer dat selwecht.(bekuckt d'Ketty)
Wéi geet et mäi gudde,du gesäis midd eraus ,du schaffs ze vill
mäi Jong.Versuerg déch emol .

Touni

Jo,Mamm.

Sisi

Ketty! ech wollt dech froen, wéivill Grompere muss ech schiélen?

Ketty

Genug fir jiddereen.

Sisi

Bestëmmt.mëa dat sin der wéivill?
(Si as schon erëm an der Dir rechs fir aus)

Ketty

Zwou Dosen.
( dauert e klengen ablack)
(d'Sisi kënnt erëm eran)

Sisi (an der Dir)
fir jiddereen ?

Ketty

Sécher nët ,hu der Iech scho gesin zwou Bose Gromperen
iessen ?

Sisi

Ma gewëss, wou hat ech de Kapp ? (si verschënt erëm)

* * * * * * * * * * *

52*

( Ketty,Touni,)

Touni

Maach awer e besse lues mat ménger Mamm .
Si hëlleft der jo .

Ketty

O.. Ech mache lues mat hir . Wann's de wéiss !
Alles wat ech hir gär géif soen ,esou léif Saachen .
Soll ech der se soen ?

Touni

Neen ,ech wees alles wa's du hir wëlls soen .
Dat as nët ëmmer schéin, 't As awer méng Mamm.

Ketty

Jo,mäi Jong ,'t as déng Mamm ...mä 't as méng Schwéiermamm ,
déi al Jhubrette .

Touni

Hei ,gëf elo nët béis

Ketty

Ech gi nët béis , ech soen nëmme wat ech dénken .

Touni

Du solls et awer nëmmen dénken an et nët soen .
Ech gi se e besse tréischten an d'Kichen.
(geet zur Dir rechs an d'Kichen)

Ketty

Jo,mäi Jong.
( befënnt sech eleng a räft alles zesummen,Stëbsmaschin ,
Biischten a Lompen dréit alles an de Gang ,d'Dir am Fong)

* * * * * * * * * *

6z*

( Sisi )

(Eleng op der Bühn ,kuckt alles no ,fiert mam Fanger iwer de Miwwel)

Sisi (jäitzt)

Wéivill Salz dees du op d'Gromperen?

Ketty (Vun hannert der Bühn)

Dräi Läffelen, ... Zoppeläffelen.

Sisi

Op de Kapp ?

Ketty

An d'Dëppen .

Sisi

Dat as emol do ,an d'Dëppen,ech wollt froen,pro Persoun ?

Ketty

(nach ëmmer hannert der Bühn)

Neen ,dräi Zoppläffelen an d'Dëppen .

Sisi

Gutt dat maachen ech och ,wann's et esou wëlls .
Gëf nët béis oder ech gi menger Wée .(geet erëm zréck an d'Kicher

* * * * * * * * * *

7z*

( Ketty ,Touni,Sisi)

(D'Ketty kënnt erëm am Fong eran an deet säi pîoppert Schiirteg un bei der Dir)

Ketty

Endlech fäerdeg mam Botzen . Nët fir laang,si kréien alles

huerteg erëm Rnaschteg . Op näischt kënne si uecht gin .
Elo kommen d'Kanner och sécher geschwënn.

(D'Ketty sëtzt sech an eng Fotell a bekuckt d'Kummer zefridden)
('t Schellt.)

Dat sin d'Kanner sécher,( bleift nach en Ablack sëtzen)
(Den Touni kënnt am Fong eran,d'Sisi aus der Kichen.)

Sisi

bal ma feuern -
't Huet geschellt ,géi kucken!

Touni

't Huet ee geschellt,méng Däifchen,gees du kucken ?

Sisi

Ech hun d'Schell héieren bis an d'Kichen.(geet erëm aus)
( Den Touni as och erëm aus an de Gang)

Ketty

Grad ewéi wann ech et nët héieren hätt.
Kéinte si da nët d'Dir op maachen goen ? Neen ,si sin erëm all
verschwonn.('t schellt erëm ,méi laang)
Jo ,ech kommen ( steet op aus der Fotell)
Ech kommen ,ech kommen . (geet aus ,a kënnt erëm eran)
... 't sin d'Kanner .

Looss méch emol an d'Kiche kucke goen wat do lass as !
Ech si ni sécher mat der Schwéiermamm .Si wäer am Stand hiren
Hutt ze kachen aplaz d'Gromperen .
(geet rechts an d'Kichen)

* * * * * * * * * * * * * *

8*
( D'Kanner ,den ~~Hary~~ Misch ,d'~~Märy~~ Julie )

(Si kommen allebéit eran wann d'Ketty aus as )
(Si di sech aus a werfen alles hot an har an d'Stuff)
(De Jong kënnt vum Sport an d'Me edche vun der Danse)

Julie ~~Märy~~

(am danzen)
Ech hunhaut gutt gedanzt .Mer hu schéi Saache geléiert.

Misch ~~Hary~~

Ech hu gutt Trainéiert .Ech halen d'Grouss Form . E Sonndeg
wanne mer .

Julie
~~Märy~~

Dat sees du all Woch an der hut nach ni e Matsch gewonn.

Misch
~~Harry~~

( fiert viru ~~met~~ danzen) - Der ~~laaft~~ lutt all ~~[illegible]~~ 3 Féiss-zwéin fir drof ze lafen an ~~dëm~~ der lieft of groussem Fouss.

(spillt mat der Ball )

Mer waren och nach ni a Form wéi dës Woch . Ech soen der e Sonndeg wanne mer . eleer wuuse wannen.

Julie
~~Märy~~

Misch
~~Hary~~

Du Brezert ... Der sid wéi de Mound! Bal huelt der af. bal hueft der zou, der tëscht ~~[illegible]~~ sid der mit do. all véier Wochen ~~[illegible]~~ sid der voll.

Julie
~~Märy~~

Neen ,ech wëll wuel wätten . E Sonndeg waane mer .

Misch
~~Hary~~

Sonndes sid der all vill ze vill midd vum Sameschdeg.

Julie
~~Märy~~

E Sameschdeg gi mer nët op de Bal .

Misch
~~Hary~~

Dat gesi mer nach .

't As ganz gesin .

( si gin an de Gang)

* * * * * * * * * * * * *

I*

(All)

Den ~~Bauni~~ [bauer] as e geierige. e spillt mam Geld-elleng op der Bühn - en hiert eflaung matt der Gewam - (e puzzel) e zetzt d Stecker beieneen -

---

D' Julie as frou mat engem Affekot - - -
a wëllt e bestueden -

---

De Papp wëllt nit -

Hie wëlld et mam. Netti vum Brundaff bestueden - do kritt hien d Lännereien all -

---

De Neveu wëllt leiere fir Veidokter -

De Papp wëllt och nit.
Hie muss Bauer bleiwen
a d'Meedchen, ~~Betty~~ d'Sophie vun Bueddertorty bestueden -
deem seng Lännereien leien op der aner Säit - -

---